# Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien

17.08.2026

WM Masteren Fortaleny Spunien.

Och haut si mer nees fräi bei d'Waasser gefuer fir eisen 2ten Trainings Dag. De Moien schonns beim Verloossen vun eisem Haus zu Cullera ass där ee schwéier schmeiert Wieder entgéint komm. Villäicht sinn d'Leit et hei besser gewinnt. Mee 10 Grad manner wieren begréissenswäert.

Souzen haut an der Box 5, wéi all Dag opriichten, an dann zesummen Fudder opmaachen. Wéi mer dunn eist d'Waasser wollten moossen hu mer mol schnell festgestallt dass den Kit 4 net géif duergoen. Knapps iwwer 5 Meter déif do wou mir haut dann souzen. Allez, huet alles näischt genotzt. Nei Monturen hu missen ofgezunn ginn. Jo, Fëscherei ass eben mat Aarbecht verbonnen. Mee dat wëssen Fëscher all déi reegelméisseg sech fir eng Equipe qualifizéieren. De Fong ass och op Platzen relativ onreegelméisseg an dann has de och schnell déi eng oder änner Hänk.



Am Beschten mat deenen Verhältnisser vun haut ass den Gasti eens ginn. Hien konnt 12 kg ob Wo bréngen an huet leider deen een oder aneren Bonus Fësch verluer. Mee dat ass net esou schlëmm. Et ass jo nëmmen Training, an ab dem Donneschdeg zielt et. Gewiichter vun der Equipe louchen haut zwëschent 2 an 12 kg. Et gëllt weider schaffen, fir dass mer geschwënn um richtegen Wee sinn.

Muer setzen mer an der Box 2. Do soll et anscheinend nees katastrophal sinn fir bei d'Waasser erof ze kommen. Et ass wierklech ustrengend. Ech géif selwer behaapten dass et eng vun därer usträngster WM ass déi ech matgemaach hunn bis well. Jo, den Alter spillt ëmmer méi mat, an Been droen een net mei esou nach ewéi fréier. Och soll et muer nach mei déif sinn. Anscheinend bis 6,5 Meter. Dat heescht nees vill nei Monturen ze preparéieren. Egal, mir sinn derbäi an wäerten all eist Bescht ginn. Muer den Owend ass dann och Ouverture dofir ass dann och nëmmen den Training fir 4 Stonnen ugesat. Wéi ëmmer e schéinen Bonjour vun der Equipe un Iech all.

Fernand Schmitt